PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/04/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Den 11te Mäerz huet Greenpeace eng Plainte bei der OECD géint de Pensiounsfong (FDC) agereecht. Greenpeace reklaméiert, dass d'Investitiounsstrategie vum Pensiounsfong net d'*Guidelines for Multinational Enterprises* vun der OCED respektéiert, well et un due digilence Aarbecht feelt. Laut ESG Investor (https://www.esginvestor.net/luxembourg-sovereign-pension-fund-subject-to-oecd-complaint/) wënscht Greenpeace sech mat dëser Mediatiounsprozedur erëm een Austausch tëscht dem FDC an der ONG selwer.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech d'Regierung als Deel vun dem Conseil d'administration vum FDC zu dëser Plainte bei der OECD?

2. Wäert d'Regierung sech dofir asetzen, dass den FDC sech erëm mat Greenpeace an aneren Organisatiounen an der Zivilgesellschaft un den Dësch setzt, fir iwwert d'Investitiounsstrategie ze schwätzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten